

D'Mosnamen am Dësch-Tennis op Grond vum Covid-Gesetz vum 11. Januar 2022

Hei ënnendru fënnt een all déi Bestëmmungen, déi op Grond vum Covid-19-Gesetz zënter dem 12. Januar 2022 fir d'Aktivitéite vun engem DT-Veräin wichteg a relevant sinn, an am Prinzip bis den 28. Februar 2022 gëlle wäerten.

Fir **ALL KOMPETITIOUN**, egal wéivill Persounen un där Kompetitioun deelhuelen, gëlle **fir JIDDER Persoun**, déi sech am Playing-Ground vun der Kompetitioun ophält (also Spiller, Coachen, Trainer, Arbitteren, Offizieller asw.) déi heite Reegelen:

(K.1) Fir Kanner bis 12 Joer + 2 Méint : fir dës Kanner gëtt et keng Restriktiounen

(K.2) Fir Erwuessener iwwer 19 Joer gëllt de **Covid-Check-Regime** (= Regime **2G+**), an deem et véier (4) verschiddenen Alternative gëtt, a wou ee muss noweisen:

(K.2.1) mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, datt ee schonn eng Opfrëschungs-Impfung (= 'Booster'-Impfung) kritt huet;

(K.2.2) mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee manner wéi 6 Méint resp. manner wéi 180 Deeg al ass, datt een zwar komplett geimpft, mee awer nach net 'geboostert', ass (= 'schéma vaccinal complet');

(K.2.3) mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee manner wéi 6 Méint resp. manner wéi 180 Deeg al ass, datt ee vum Covid-19 'genesen' ass;

(K.2.4) mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee méi wéi 6 Méint resp. méi wéi 180 Deeg al ass, datt een zwar komplett geimpft, mee awer nach net 'geboostert' ass, woubäi een an deem Fall **zousätzlech** muss:

(K.2.4.a) entweder noweisen (mat engem gültegen Zertifikat ⁽¹⁾, mat QR-Code), datt een an de leschten **48** Stonnen een negative PCR-Test gemaach kritt huet,

(K.2.4.b) oder noweisen (mat engem gültegen Zertifikat ⁽²⁾, mat QR-Code), datt een an de leschte **24** Stonnen een negativen Antigen-Schnelltest gemaach kritt huet,

(K.2.4.c) oder op der Plaz een (iwwerwaachten) Autodiagnostiktest maachen, deem säi Resultat muss negativ sinn.

(1) deen Zertifikat muss ausgestallt gi sinn vun engem Laboratoire

(2) deen Zertifikat muss ausgestallt gi sinn vun engem zu Lëtzebuerg unerkannten Expert aus dem Gesondheetsberäich (wéi z.B. en Dokter, en Infirmier, e Kiné, asw.)

(3) déi Bescheinigung muss ausgestallt gi sinn vun enger duerfir autoriséierter Léierpersoun



(K.3) Fir Jugendlecher vun 12 Joer + 2 Méint bis 19 Joer gëllt den **3G**-Regime, an deem et siewe (7) verschidden Alternative gëtt, a woubäi ee muss noweisen:

- (K.3.1)** mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, datt ee schonn eng Oprëschtungs-Impfung (= 'Booster'-Impfung) kritt huet;
- (K.3.2)** mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee manner wéi 6 Méint resp. manner wéi 180 Deeg al ass, datt een zwar komplett geimpft, mee awer nach net 'geboostert', ass (= 'schéma vaccinal complet');
- (K.3.3)** mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee manner wéi 6 Méint resp. manner wéi 180 Deeg al ass, datt ee vum Covid-19 'genesen' ass;
- (K.3.4)** mat engem EU-Zertifikat ⁽¹⁾, mat QR-Code, datt een an de leschten **48** Stonnen een negative PCR-Test gemaach kritt huet;
- (K.3.5)** mat engem gültegen Zertifikat ⁽²⁾, mat QR-Code, datt een an de leschte **24** Stonnen een negativen Antigen-Schnelltest gemaach kritt huet;
- (K.3.6)** mat enger Bescheinigung ⁽³⁾, datt een an de leschte **24** Stonnen am Kader vun de Covid-Kontrollen an enger Schoul en negativen Antigen-Schnelltest gemaach huet.
- (K.3.7)** mat engem EU-Zertifikat, mat QR-Code, dee méi wéi 6 Méint resp. méi wéi 180 Deeg al ass, datt een zwar komplett geimpft, mee awer nach net 'geboostert', ass, woubäi een an deem Fall **zousätzlech** muss, op der Plaz, een (iwwerwaachten) Autodiagnostiktest maachen, deem säi Resultat muss negativ sinn;

Fir den TRAINING gëllen déi heite Reegelen:

- (T1)** Eng Trainings-Grupp mat insgesamt maximal 10 Persounen (**ALL** d'Leit abegraff, d.h. d'Spiller, d'Coachen an all aner Persounen) kann TRAINÉIEREN oder SPOPRT-LOISIR maachen, ouni iergendwellech Restriktiounen, ausser:
 - datt pro Persoun vum Grupp eng Surface vun op d'mannst **10 m²** muss disponibel sinn;
 - datt an de Vestiairen musse Maske gedroen an iwwerall eng Distanz vun 2-Meter zu all anerer Persoun muss agehale ginn
- (T2)** Soubal eng Trainings-Grupp aus méi wéi 10 Persoune besteet (**ALL** d'Leit am Sall abegraff), gëlle fir den Training genee dee selwechte Reegele wéi fir d'Kompetitiounen, also d'Reegelen, sou wéi se hei virdrun, an de Kapitelen **(K.1)**, **(K.2)** a **(K.3)**, beschriwwen gi sinn.

D'Bestëmmunge betreffend d'Prozedur vun de Covid-Kontrollen

Fir en Zertifikat mat engem QR-Code ze liesen, muss ëmmer déi vum Staat duerfir zur Verfügung gestallten APP '[COVID-check.lu](https://www.covid-check.lu)' benotzt ginn: [**3G**] - [**2G**] - [**2G+**]

Déi **aktuell Versioun** vun där APP kann een aus dem Internet eroflueden, entweder aus dem [Apple App Store](#) oder aus dem [Google Play Store](#).

Den Heemveräin muss dat néidegt Personal zur Verfügung stellen fir, am Prinzip an der Entrée vum Gebai, Covid-Kontrollen ze maachen a fir d'Autodiagnostik-Tester sur place z'iwwerwaachen.



Bei der Lecture vum QR-Code op de Covid-Zertifikater kritt een den NUMM an de Virnumm vun där kontrolléierter Persoun mat affichéiert. Deejäinegen, deen d'Covid-Check-Kontrolle mécht MUSS deen Numm mat iwwerpräiwen, a wann heen déi kontrolléiert Persoun net perséinlech kennt, da MUSS heen sech vun där Persoun en Identitéitsdokument mat enger Foto drop virleeë loossen, wéi z.B. eng Carte d'identité, e Pass, e Führerschäin, en Titre de séjour, eng Schülerkaart, asw.

Fir datt een net bei all Training oder Kompetitioun de Covid-Status vun all eenzeler Persoun vu sengem eegene Veräin nees all Kéier muss kontrolléieren, kann resp. duerf een eng LËSCHT maachen (um Pabeier oder um Computer), wou een déi Persounen drop andréit, déi konform mat den aktuelle Covid-Regelen sinn. All Persoun déi op där Lëscht agedroe gëtt, muss awer explizit hiren Accord ginn, fir an déi Lëscht ageschriwwen ze ginn.

An déi hei virdu beschriwwe Lëscht duerfe just 2 Donnéeën mat opgeholl ginn, an zwar den Numm an de Virnumm vun där jeeweileger Persoun an den Datum wéini där Persoun hire Covid-Check-Zertifikat (ggf.) ofleeft. Dës Lëscht muss awer den 28. Februar 2022, wann dat aktuell Covid-19-Gesetz ausleeft, definitiv zerstéiert ginn. Sollt d'Gesetz duerno verlängert oder erneiert ginn, da muss da ggf. eng nei Lëscht ugeluecht resp. opgestallt ginn.

**E Veräin ka GRATIS Autodiagnostik-Testkitten beim Sportsministère bestellen.
De Formulaire hefir fënnt een hei: <https://www.fltt.lu/sport-national/infos-importantes>**

Wat d'**ZUSCHAUER** bei engem Sport-Event ugeet, gëllen déi heite Reegelen:

(Z.1) Et si maximal 200 Zuschauer ⁽⁴⁾ bei engem Sport-Event zougelooss.

(4) Fir d'Zuschauerzuel bei engem Event festzeleeën, ginn déi bei deem Event aktiv Sportler, Coachen, Arbitteren an Offiziell NET matgezielt.

(Z.2) A punkto 'Zuschauer' muss een dräi (3) Fäll ënnerscheeden:

(Z.2.1) Vun **1 bis 10** Zuschauer ⁽⁴⁾ : an deem Fall gëtt et keng Restriktiounen

(Z.2.2) Vun **11 bis 20** Zuschauer ⁽⁴⁾ : an deem Fall gëtt et zwee Alternativen:

(Z.2.2.a) Et mécht ee keng 'Covid-Check'-Kontrollen: an deem Fall muss all Persoun iwwer 12 Joer an 2 Méint eng Mask droen an iwwerall eng Distanz vun 2-Meter zu all anerer Persoun anhalen.

(Z.2.2.b) Et applizéiert een de 'Covid-Check'-Regime ⁽⁵⁾

[Dat kann z.B. Sënn maachen, wann een am Virfeld net weess, wéivill Zuschauer komme wäerten. Anerefalls duerf een nämlech net méi wéi 20 Zuschauer an de Sall eraloossen.]

Wann de Regime 'Covid-Check'-Regime ⁽⁵⁾ applizéiert gëtt, gëllen:

- d'Reegele vum Kapitel **(K.1)** fir d'Kanner bis 12 Joer an 2 Méint
- d'Reegele vum Kapitel **(K.2)** fir all Persoun iwwer 12 Joer + 2 Méint

(Z.2.3) Vun **21 bis 200** Zuschauer ⁽⁴⁾ : och an deem Fall gëtt et zwee Alternativen:

(Z.2.3.a) Et mécht ee keng 'Covid-Check'-Kontrollen: an deem Fall muss all Persoun iwwer 12 Joer an 2 Méint eng Mask droen, iwwerall eng Distanz vun 2-Meter zu all anerer Persoun anhalen an eng Sätzplaz hunn an och benotzen.

(Z.2.3.b) Et applizéiert een de 'Covid-Check'-Regime ⁽⁵⁾ : an deem Fall gëllen:

- d'Reegele vum Kapitel **(K.1)** fir d'Kanner bis 12 Joer an 2 Méint
- d'Reegele vum Kapitel **(K.2)** fir all Persoun iwwer 12 Joer + 2 Méint

(5) an deem Fall muss de Covid-Check bei der 'Direction de la Santé' notifizéiert ginn

Bei engem Sport-Event duerf nëmmen dann e **BUVETTE-Service** fonctionéieren, wa fir ALL d'Personen, déi un deem Event deel huelen, de Covid-Check-Regime applizéiert gëtt.

Eng Sport-Aktivitéit oder ee Sport-Event, bei där (deem) de Covid-Check-Regime per Gesetz virgeschriwwen ass, brauch NET méi notifizéiert ze ginn.

Wann awer de Covid-Check-Regime bei enger Sport-Aktivitéit oder bei engem Sport-Event fräiwëlleg applizéiert gëtt, da muss déi Aktivitéit resp. deem Event nach ëmmer un d'Direction de la Santé-Direktioun notifizéiert ginn.

(De Formulaire fir d'Notifikatioun kann ee bei www.covid19.lu eroflueden)

FROEN & ÄNTWERTEN

A) *Musse de Veräin och weiderhin nach d'Zuel vun den Autodiagnostik-Tester beim Sportministère mellen ?*

NEEN, de Sportministère huet äis offiziell confirméiert, datt d'Zuel vun den Autodiagnostik-Tester, dee et mat deene vum Sportministère zur Verfügung gestallten Testkitte mécht, NET MÉI brauchen un de Sportministère gemellt ze ginn.

B) *Musse de Veräin och weiderhin nach eng Lëscht ausfëlle mat de Resultater vun den Autodiagnostik-Tester an déi un d'Direction de la Santé schécken ?*

NEEN, och do hu mir offiziell confirméiert kritt, datt keng Lëscht méi brauch ausgefëllt ze ginn, an datt d'Resultater vun den Tester NET MÉI mussen un d'Santé gemellt ginn.

Sollt awer bei den Autodiagnostik-Tester eng Persoun POSITIV getest ginn, abee da muss déi Persoun (logescherweis) direkt an Auto-Isolatioun goen, an dann hire positiven Test selwer bei der Santé mellen.

C) *Muss fir e Covid-Check-Event och nach eng Notifikatioun bei der Santé' gemaach ginn ?*

NEEN, well de Covid-Check ass jo lo quasi ëmmer vum Gesetz hir obligatoresch, an duerfir brauch deemno elo generell keng Notifikatioun méi gemaach ze ginn ... ausser, wann een de Covid-Check-Regime fir en Event applizéiert, wou deen Check net per Gesetz virgeschriwwen ass (wéi z.B. en Training mat manner wéi 11 Persounen oder fir d'Zuschauer bei enger Kompetitioun).

D) *Duerfen och PCR- resp. Antigen-Test-Zertifikater vun Tester am Ausland ugeholl ginn ?*

NEEN, en TEST-Zertifikat ass nëmmen da gültig, wann et vun engem Gesondheets-Expert (= Dokter, Infirmier(ère), Kiné, Édicateur, asw.) ausgestallt ginn ass, deen autoriséiert ass, fir säi Beruff zu LËTZBUERG auszeüben.

Mat den 2G-Zertifikater ass et awer anescht: do muss (ggf.) och en 2G-Zertifikat acceptéiert ginn, deen an engem aneren EU-Land ausgestallt ginn ass, à condition, datt op deem auslänneschen Zertifikat e liesbare QR-Code drop ass.

E) *Wéi laang muss d'Validitéit vun engem TEST-Zertifikat, deen Ament wou dësen Zertifikat kontrolléiert gëtt, nach gültig sinn ?*

Mir hunn an där Fro offiziell vum Ministère confirméiert kritt, datt en Test-Zertifikat, an och en EU-2G-Zertifikat, ëmmer muss gültig sinn deen Ament wou dat betreffend Event (also den Training oder d'Kompetitioun) offiziell ufänkt (= geméiss deem offiziellen Trainings- oder Spillplang).

Wann d'Validitéit vun engem Zertifikat deemno iere während engem Training oder während enger Kompetitioun sollt oflafen, da spillt dat keng Roll, dann duerf deen Zertifikat awer nach fir de Rescht vun deem Training resp. vun där Kompetitioun als gültig betruecht ginn.

F) *Wee muss d'Autodiagnostik-Testkitten zur Verfügung stellen ?*

Contrairement zu deem, wat virdu gegollt huet, nämlech datt ëmmer den Heemveräin all d'Testkitte fir e Match oder en Tournoi huet mussen zur Verfügung stellen, also och fir d'Spiller vun enger Auswäertséquipe, geet dat elo an der Praxis kaum nach resp. net méi. Virdrun huet jo all Spiller musse en Test maachen, woumat et fir en Heemveräin du relativ einfach war fir ze wëssen, wéi vill Testkitten heen op engem bestëmmte Spilldag géif brauchen. Lo ass dat awer anescht, well den Heemveräin weess jo a priori guer net, wéi eng Spiller bei der Auswäertséquipe matkommen, a wéi vill vun deene Spiller da mussen en Autodiagnostiktest op der Plaz maachen.

Deemno gött déi Prozedur vun elo u geännert, an **all Veräin muss selwer fir déi néideg Testkitte fir seng Spiller suergen**, an dat souwuel bei den Heemmatcher wéi och bei den Auswäertsmatcher vu sengen Équipen.

Et ass awer net verbueden, an et ass am Géigendeel souguer recommandéiert, datt all Veräin ëmmer e puer Autodiagnostik-Testkitten soll a sengem Spillsall a Reserve hunn, fir e Spiller vun enger Auswäertséquipe ze "depanéieren", wann dee säin Testkitt iere sollt vergiess hunn. Sollt dee Fall sech stellen, da kann den Heemveräin awer am Intranet um Matchbou vermierken, wéi vill Testkitten heen der Auswäertséquipe huet missen zur Verfügung stellen, an da kritt den Heemveräin, op Käschte vum Veräin vun der Auswäertséquipe, 10 EUR pro Testkitt op sengem Verbandskonto kreditéiert.
